PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/10/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sozialversécherung & Gesondheet weiderzeleeden.

D'Opstelle vu Dokteschrechnungen ënnerleit strenge Reegelen, déi an enger Konventioun tëscht der CNS an der AMMD souwéi an enger spezieller Nomenclature festgehale sinn. Fir d'Patienten(innen) ass et awer net ëmmer evident an iwwersiichtlech erauszefannen, wat genee Dokteren an hire Consultatiounen verrechnen, och wann d'Gesondheetskeess fir dësen Zweck den Online-Tool "Rechnungen verstehen" op hirem Site ubitt.

Et kënnt vir, datt op verschiddene Rechnungen de Code "Divers" optaucht, deen an der Nomenclature als Code net esou virgesinn ass. Aner Consultatiounen ginn als "Consultatioun majorée" verrechent, woubäi den Dokter de Rendez-vous zu engem méi héijen Tarif verrechne kann.

Als Patient(in) ass een éischter de "maillon faible" am Vertrauensverhältnis mam Dokter an dofir stellt de/d' Patient(in), an der Reegel, d'Richtegkeet vun enger Dokteschrechnung beim Bezuelen net a Fro.

D'Iwwerraschung fir d'Patienten(innen) ass allerdéngs grouss, wann se an hire Remboursementen vun der CNS feststelle mussen, datt zum Deel méi héich verrechent Montanten, zum Beispill bei enger widderhueltener "Consultation majorée", net ganz vun der CNS iwwerholl ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. A wéi enge Fäll kann een Dokter de Code Diagnostique "Divers" verrechnen a wéi héich däerf dëse Montant sinn? Gëtt dëse Code an alle Fäll vun der Gesondheetskeess rembourséiert?

2. U wien kann de Patient sech wennen, wann hien d'Gefill huet, dass seng Dokteschrechnungen net de Prestatioune vum Dokter entspriechen?

3. Wéi ass garantéiert, datt de Patient virun der Consultatioun iwwert di méiglech Käschte vun enger Consultatioun informéiert ass?

4. Wéi bewäerten d'Ministeren d'Iddi, datt d'Dokteren, en Amont vun enger Consultatioun, hier Tariffer op enger Platz an hirem Cabinet (z.B. op engem Plakat) oder op enger Website misste publizéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député